Pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här
Christian Welter
Conseiller Communal

43, Avenue de la Gare

L-4873 Lamadelaine

Referenz: 2020.38742.SECR

Péiteng, den 20. Februar 2020

Betreff: Är Froe vum 17. Januar 2020

Här Christian Welter,

Per E-Mail vum 21. Januar 2020 hutt Dir dem Schäfferot folgend Froe gestallt :

Thema: Waassersituatioun vun der Kor an der Gemeng Péiteng am Bezuch zur illegaler Offalldeponie zu Déifferdeng

Här Buergermeeschter,
sou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wëll ech dem Schäfferot e puer Froen zur Waasserzesummesetzung vun der Kor zu Péiteng stellen.

Aus den Artikele vu reporter.lu (Der illegale Giftmüll von Differdingen) vum 14te Januar 2020 a op RTL.lu (Carole Dieschbourg muss a Chamberkommissioun Ried an Äntwert stoen) vum 15ten Januar 2020 geet ervir, dass duerch eng illegal Offalldeponie zu Déifferdeng Gëft/- a Schuedstoffer an d'Kor gelaangen.

An dem Zesummenhang stellen ech dem Schäfferot folgend Froen:

1. Goufen an der Gemeng Péiteng Waaser- an Ëmweltanalysen diesbezüglech gemaach?
a. Falls jo, goufen Gëft/-Schuedstoffer an der Kor um Territoire vun der péitenger Gemeng festgestallt a falls jo, wat fir eng Mesüren wäert de Schäfferot diesbezüglech ënnerhuelen?
b. Falls nee, firwat net? Wäert de Schäfferot deemnächst Waasser- an Ëmweltanalysen an Optrag ginn?

2. Hat de Schäfferot virun den uewen erwäänten Artikele Kenntnis iwwert déi besoten Deponie?
a. Wann jo säit wéini?

Merci fir Är Opmierksamkeet an Äntwert,
Christian Welter
Gemengeconseiller

(Den Dossier gëtt behandelt vum Här Claude Linden Tél.: 50 12 51 - 2030)

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures

Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail:
Site Internet:
N° TVA: LU 102 90 925

Fax: 50 12 51-2000
commune@petange.lu
www.petange.lu
N° fiscal: 00005132118

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

D'Iwwerpréiwung vun der Qualitéit vun de Fléissgewässer ënnerläit der Administration de la gestion de l'eau. Am Kader vun deene Waasseranalyse gouf eiser Administratioun keng Waasserverknaschtung vun der Kor gemellt a soumat gouf et och kee Grond fir zousätzlech Analysen z'ordonéieren.

Datt um Site vun der Déifferdenger Arcelor Mittal eng historesch Décharge besteet ass allgemeng bekannt. Dem Péitenger Schäfferot ass d'Natur vun de Stoffer déi do gelagert ginn net bekannt.

Am Kader vun de Mises-à-jour'en vun den Exploitatiounsgeneemegunge vun Arcelor Mittal fir déi Décharge wäert och de Péitenger Schäfferot genau hi kucke wat vun den zoustännege Ministèren op där Plaz autoriséiert gëtt an deementspriechend reagéieren.

Mat beschte Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,

Kopie:
- M. Claude Linden, Service de l'environnement

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures

Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail:
Site Internet:
N° TVA: LU 102 90 925

Fax: 50 12 51-2000
commune@petange.lu
www.petange.lu
N° fiscal: 00005132118